N°4165
Entrée le 02.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.06.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Cliärref, den 2. Juni 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ëmweltminister weiderzeleeden.

Laut mengen Informatiounen, gëtt et zu Lëtzebuerg aktuell just nach véier Standuerter, op deenen d'Entsuergung vu guddem Buedem a Bauschutt méiglech ass. Dës geréng Unzuel u verfügbaren Deponië verschlechert duerch déi onvermeidbar laang Transportweeër d'Liewensqualitéit vun de Bierger (Kaméidi a Verkéier) op de betraffenen Achsen.

Schonn am Joer 2016 ass den Ëmweltministère dovun ausgaangen, datt d'Kapazitéite vun dësen Deponien am Laf vum Joer 2026 erschëpft kéinte sinn. Deemools gouf ugekënnegt, datt no zousätzleche Flächen a Léisunge gesicht géif.

An dësem Kontext hätt ech follgend Froen un den Här Minister:

1. Wat ass den aktuelle Stand vun der verbleiwender Lagerkapazitéit op den eenzelnen aktiven Deponien am Land (opgeschlësselt nom Standuert an no der Aart vum Offall)?
2. Wéi vill Tonne Buedem a Bauschutt goufen an de leschte Joren an d'Ausland exportéiert a wat sinn déi primär Grënn fir dës Exporter?
3. Wat ass de konkrete Fortschrëtt bei der Identifizéierung an der Geneemegung vun zousätzlechen Deponien am Land a mat wéi enge Kapazitéite gëtt hei gerechent?
4. Gëtt et Pläng oder Moossname vum Ministère, fir de Recycling vu Bauschutt an d'Neesverwende vu Buedem weider ze färderen, fir d'Nofro no neien Deponieflächen ze reduzéieren?

Mat déiwem Respekt,

Michel Lemaire
Deputéierten